

Wat ass en UNESCO Global Geopark?

En UNESCO Global Geopark ass eng Regioun, déi e geologescht Ierwe vu grousser Wichtigkeet opweist. D'Geologie an alleguer déi regional Charakteristiken droen an de Geoparken dozou bäi, d'Bevëlkerung an d'Visiteure fir d'Ëmwelt ze sensibiliséieren an d'regional Identitéit ze stäerken. Dëst gëtt an enger globaler Approche vu Schutz, Bildung an nohalteger Regionalentwécklung gemaach.

Am internationale Reseau vun den UNESCO Global Geoparke kënnen d'Regioune vunenee léieren a sech zesumme weiderentwéckelen (www.unesco.org/geoparks).




What is a UNESCO Global Geopark?

A UNESCO Global Geopark is a region with a geological heritage of great importance. Geology and all other regional characteristics in geoparks help to sensitize the population and their guests to the environment and to strengthen regional identity. This is done in a holistic approach to protection, education and sustainable regional development.

The regions can learn from one another and develop further together in the international network of UNESCO Global Geoparks (www.unesco.org/geoparks).



11	Gemengen / municipalities	39 %	Bësch / forest
256 km ²	Fläch / area	56 %	Landwirtschaft / agriculture
25.500	Awunner / inhabitants	5 %	Siedlung & Gewässer / settlement & waters



Natur- & Geopark Mëllerdall	UNESCO Global Geopark Vulkaneifel: 80 km
	UNESCO Global Geopark Famenne-Ardenne: 120 km
	UNESCO Global Geopark De Hondsrug: 450 km
	UNESCO Global Geopark Beaujolais: 520 km

Kontakt / Contact:

Natur- & Geopark Mëllerdall
 8, rue de l'Auberge • L-6315 Beaufort
 Tel: +352 / 26 87 82 91
info@naturpark-mellerdall.lu
www.naturpark-mellerdall.lu • www.geopark-mellerdall.lu
www.naturpark.lu

design www.fredhigelger.lu - photos: NGPM R. Clement + Ulfi Fielitz + Marc Thiel + Anna Voelske



Printed on 100% recycled paper



Kandidat / Aspiring UNESCO Global Geopark Mëllerdall



Den Natur- & Geopark Mëllerdall

Imposant Fielsen, déif Däller a gross Plateauen: De Lëtzebuurger Sandsteen markéiert d'Regioun vum Natur- & Geopark Mëllerdall am Oste vum Land. Dës Fielsen hunn d'Regioun iwwe d'Grenzen eraus bekannt-gemaach. Ausserdeem bilde se d'Basis vun engem besonneschen Natur- a Kulturierwen. Dozou gehéieren ë. a. eng grouss Zuel vu Bongerten, deenen hir Friichten zu regionale Produkter weiderveraarbecht ginn.



Natur- & Geopark Mëllerdall

Impressive rocks, deep valleys and extensive plateaus: the Luxembourg Sandstone characterizes the region of the Natur- & Geopark Mëllerdall ("Millers' valley") in the east of Luxembourg. The rocks have made the region well-known beyond its borders. In addition, they form the basis of a special natural and cultural heritage. This includes, among other things, countless orchard meadows, the fruit of which is made into regional products.

Spezifesch Charakteristike vum Natur- & Geopark Mëllerdall

De Lëtzebuerger Sandsteen, Mierbuedem, deen 200 Millioune Joer al ass, formt am Natur- & Geopark Mëllerdall eng vun de spektakulärste Landschaften aus Sandsteen a Westeuropa! E bilt den Zentrum vun enger Schichtstufelandschaft op klengem Raum, mat géie Fielsformatiounen a grouse Plateauen.

Dat geologescht lerechen huet eng grouss Bedeitung fir

- d'Versuerung mat Drénkwaasser,
- d'Präsenz vu Bausteng,
- d'Exploitatioun vum Land zanter der Steenzäit an
- d'Präsenz vu spezifesche Planzen- an Déierenarten.

Den Natur- & Geopark Mëllerdall vermëttelt de Wäert vum geologeschen lerechen fir de Mënsch. Nohaltegkeet ass an der Regioun d'Haaptzil.



Special features of the Natur- & Geopark Mëllerdall


The Luxembourg Sandstone, a 200 million-year-old seabed, forms one of the most spectacular sandstone landscapes in western Europe in the Natur- & Geopark Mëllerdall! It forms the centre of a small-scale cuesta landscape with steep cliffs and extensive plateaus.

The geological heritage is of great importance for

- the drinking water supply;
- the occurrence of building stones;
- land use since the Stone Age and
- the presence of special plant and animal species.

The Natur- & Geopark Mëllerdall conveys the value of the geological heritage to the people. Sustainability is the region's supreme objective.

Geotopen an den Natur- & Geopark Mëllerdall Gemengen / Geosites in the Natur- & Geopark Mëllerdall municipalities



1	Steekaul Buremillen	ale Steebroch (Sandsteen)	abandoned sandstone quarry
2	Steekaul Beefort	ale Steebroch (Sandsteen)	abandoned sandstone quarry
3	Huel Lee	ale Millesteebroch	abandoned millstone quarry
4	Hëit	Muschelkalleklandschaft	dolomitic landscape
5	Alkummer	enke Passage am Dolomit	narrow passageway in dolomite
6	Gefale Leeën	erofgefale Fielsen (Dolomit)	rockfall (dolomite)
7	Mardell	klengen Dëmpel	small pond
8	Wanterbaach-Siweschlëff	Sandsteellandschaft	sandstone landscape
9	Thoull	al Sauereschleef	abandoned meander of the river Sauer
10	Wollefsschlucht	Schlucht am Sandsteen	sandstone gorge
11	Schéissendëmpel	klenge Waasserfall mat Natursteebroch	small waterfall with stone bridge
12	Kuelscheier	enke Passage am Sandsteen	narrow passageway in sandstone
13	Noumerleeën	Sandsteellandschaft	sandstone landscape
14	Champignon	Fiels a Champignonform	mushroom-shaped rock
15	Kallektuffquell	Kallektuffquell	calcareous tufa spring
16	Salzwaasserquell	Salzwaasserquell	salt water spring
17	Zeiebiereg	Zeiebiereg	butte
18	Haupeschaach an Halerbaach	Baachdäller am Sandsteen	sandstone valleys
19	Aal Schmelz	Weieren vun alen Héichiewen	ponds of a former blast furnace
20	Rippeger Kopp	Aussichtspunkt	viewpoint
21	Héikräiz	Aussichtspunkt	viewpoint
22	Gipskaul	al Gipskaul	abandoned gypsum mine

Méi Informatiounen / more information : www.naturpark-mellerdall.lu

D'Regioun entdecken

Déi variéiert Landschaft kann een op deem gutt gezeechente Réseau vu Wanderweeër erliewen. De Mullerthal Trail, deen als „Leading Quality Trails – Best of Europe“ ausgezechent gouf, féiert iwwer 112 km duerch déi ganz Regioun a verbënnt vill geologesch interessant Sitten.

Verschieden Ausstellungen a Muséeë bréngen op spannend Aart a Weis Informatiounen iwwer regional Sujeten ewéi Geologie, Drénkwaasser, Steenzäit a Stromproduktioun eriwuer a bidden och Aktivitéite fir Schouklasseen un (www.mullerthal.lu).



Discovering the region

The varied landscape can be experienced on the well-signposted network of hiking trails. The 112 km-long Mullerthal Trail, which has been awarded as „Leading Quality Trails - Best of Europe“, winds through the whole region and connects numerous geologically interesting sights with one another.

Various exhibitions and museums provide in an exciting way information on the regional topics of geology, drinking water, the Stone Age and power generation and offer activities for school classes (www.mullerthal.lu).